# D’Jugendpompjeeën am CGDIS

D’Zukunft vum Rettungsdéngscht opbauen

**Département des Pompiers Volontaires**

Jean-Jacques Schroeder

mardi, 27 juillet 2021



1 Aféierung 3

2 Zoustännegkeeten vum CGDIS 3

2.1 Direktiounen vum CGDIS 3

2.1.1 Direction générale (DG) 3
2.1.1.1 Service Communication 4
2.1.2 Direction de la coordination opérationnelle (DCO) 4
2.1.2.1 Département des pompiers volontaires 4
2.1.3 Direction administrative et financière 4
2.1.3.1 Département Finances 4
2.1.3.2 Département Administratif et Ressources humaines 5
2.1.4 Direction médicale et de la santé 5
2.1.4.1 Département Santé 5
2.1.5 Direction des moyens logistiques 5
2.1.6 Institut national de formation des secours (INFS) 5

2.2 Centre d'incendie et de secours (CIS) 6

3 D'Amicale vum CIS 6

4 Fédération Nationale des Pompiers – « Lëtzebuerger Jugendpompjeeën » 7

5 Ophuelen vun neie Jugendpompjeeën 7

6 Formatioun vun de Jugendpompjeeën 7

7 Wiessel bei déi operationell Pompjeeën 8

7.1 Démarchen fir de Wiessel 8

8 Den Encadrement vun de Jugendpompjeeën 9

9 Fiches REA an Nominatiounen 10

9.1 Chef d'unité – moniteur des jeunes-pompiers 10

9.2 Moniteur-adjoint des jeunes-pompiers 11

9.3 Moniteur-Assistant des jeunes pompiers 12

10 Inclusioun 12

# 1 Aféierung

Ëmmer erëm tauche Froen op, wien fir wéi ee Beräich vun de Jugendpompjeeën hiren Aktivitéiten zoustänneg ass. An effektiv sinn et eng ganz Rei Acteuren, déi an dësem Beräich Missiounen iwwerhuelen. Fir dat all déi Leit, déi mat de Jugendpompjeeën ze dinn hunn, um leschte Stand sinn gouf dëst Dokument erstallt.

Aktuell sinn d'Jugendpompjeeën iwwert een Zesummespill vun CGDIS mat sengen CIS'en, an der FNP iwwert de JFA an der Amicale organiséiert. Op den 1. Juli 2021 waren 1076 Jugendpompjeeën am CGDIS gemellt. Bei engem Effektiv vu ronn 4000 operationellen Pompjeeën sinn dëst ongeféier 25% vum Effektiv déi an den nächsten 8 Joer potentiell kënnen als operationnelle Pompjee hiren Déngscht ophuelen. Eng impressionnant Zuel vu Kanner a Jugendlechen a fir déi all déi concernéiert Acteuren sech mussen investéieren fir dat aus de Jugendpompjeeën och operationell Pompjeeën ginn.

Wat haaptsächlech mam CGDIS geännert huet, ass dat Kanner elo scho kënnen mat 6 Joer als Member an de Jugendpompjeeën opgeholl ginn, ënnert der Konditioun dat de CIS och d'Méiglechkeet huet Kanner ab deem Alter ze encadréieren. Eng weider Ännerung ass dat de Jugendlechen, wann hien dat sou wënscht och bis 18 Joer ka Member bleiwen.

Eng Aarbecht, déi eis an den nächste Méint a Joren wäert begleeden, ass eng kloer Definitioun vun de Wäerter vum CGDIS, déi och de Jugendpompjeeën solle vermëttelt ginn.

Dëst Dokument déngt als Guide wien fir wat zoustänneg ass a wéi d'Organisatioun vun de Jugendpompjeeën am CGDIS gereegelt ass.

# 2 Zoustännegkeeten vum CGDIS

D'Jugendpompjeeën hu säit iwwer 50 Joer eng fest Plaz an de Rettungsdéngschter zu Lëtzebuerg an dat huet am CGDIS och net geännert. Et sinn eng ganz Rei verschidden Acteuren déi hei Verantwortung iwwerhuelen.

## 2.1 Direktiounen vum CGDIS

### 2.1.1 Direction générale (DG)

De Generaldirekter vum CGDIS ass zoustänneg fir d'Demanden vun neie Kandidaten fir Jugendpompjeeë am CGDIS ze ginn ze approuvéieren. Des Dossieren, déi vum Departement vun de fräiwëllege Pompjeeën preparéiert ginn, gi vum Generaldirekter approuvéiert an duerno vum Service vun der Personalgestioun (SGP) an der DAF traitéiert.

De Generaldirekter definiéiert zesummen mat sengem Comité Directeur an Ofsprooch mat dem JFA och déi strategesch Ausriichtung vun der Jugendaarbecht am CGDIS.

De Generaldirekter ass och zoustänneg fir Auslandsreesen ze geneemegen. Dëss mussen iwwer de Formulaire «Feuille de route – demande de voyage», deen um Dynaforms ze fannen ass, ugefrot ginn.

#### 2.1.1.1 Service Communication

De Service Communication ass en Charge wat d'Erstellen an d'Gestioun vun den Depliant'en a Gadgete'en betrëfft. Wann Dir Promotiounsmaterial braucht fir Reklamm ze maachen, da kënnt Dir Iech un dëse Service wenden.

De Service Communication ass och zoustänneg fir all Demande vun der Presse en Charge ze huelen. Wann Dir vun der Presse contactéiert gitt fir e Reportage oder Änleches da musst Dir de Service Communication iwwer des Demande a Kenntnis setzen.

De Kontakt ass communication@cgdis.lu, Tel: 49771-2046

### 2.1.2 Direction de la coordination opérationnelle (DCO)

#### 2.1.2.1 Département des pompiers volontaires

An der DCO ass den Departement des pompiers volontaires (DPV) zoustänneg fir de Rekrutement an d'Fidelisatioun vun de Jugendpompjeeën.

Wat de Rekrutement betrëfft ass den DPV zoustänneg fir den Dossier'en vun deenen eenzelen Kandidaten ze suivéieren bis all déi néideg Dokumenter virleien:

- Formulaire d'adhésion d'un volontaire (Dynaforms)
- Déclaration parentale pour jeunes pompiers (Dynaforms /Autres/Volontariat)
- Certificat médical d'aptitude (CMA)

Wann des Dokumenter virleien, kritt de Generaldirekter des weidergeleet an decidéiert dann iwwer d'Opnam an de CGDIS.

Beim DPV kënnen déi eenzel Jugendunitéiten sech och mellen wa se Ënnerstëtzung oder Material brauchen fir eng Aktivitéit ze organiséieren. Flyeren oder d'Sprangschlass kënnen iwwer volontariat@cgdis.lu ugefrot ginn.

Och fir all aner Froen hält den DPV sech zu Ärer Verfügung.

Kontakt: volontariat@cgdis.lu oder 49771-2332

### 2.1.3 Direction administrative et financière

#### 2.1.3.1 Département Finances

Den Département Finances ass zoustänneg fir d'Ausbezuelen vun den Indemnitéiten un d'Chefs d'unité an hir Assistenten, souwéi déi eenzel Assurancen déi de CGDIS ofgeschloss huet. Interessant fir d'Jugendpompjeeën ass hei dat et eng « Responsabilité civile » gëtt fir theoretesch a praktesch Übungen oder Reuniounen déi an direkter oder indirekter Relatioun mat de Missioune vum CGDIS stinn a fir Persounen an hier Saachen déi «à titre onéreux» an engem Gefier matgeholl ginn. De CGDIS ass an der « Association des Assurances Accident » an dës couvréiert och d'Jugendaktivitéiten. En plus huet de CGDIS eng zousätzlech Assurance Accident ofgeschloss. Dës gëllt och och am Ausland fir offiziell Missiounen vum CGDIS, also net fir een Ausfluch an ee Fräizäitpark zum Beispill.

#### 2.1.3.2 Département Administratif et Ressources humaines

##### 2.1.3.2.1 Service administratif

De Service administratif ass zoustänneg fir de Congé spécial deen als « chef d'unité-moniteur jeunes-pompiers », « moniteur-adjoint jeunes-pompiers » an « assistant jeunes-pompiers », zu gutt huet an deen ee kann ufroen fir d'Formatiounen JP1, JP2 a JP3 ze maachen.

De Kontakt ass administratif@cgdis.lu, Tel: 49771-1

##### 2.1.3.2.2 Service gestion du personnel

De Service gestion du personnel ass zoustänneg fir d'Personalgestioun, also och fir d'Gestioun vun den Donnéeën vun de Jugendpompjeeën. Fir Ännerungen vun Adressen oder aner Donnéeën gëtt e Formulaire um Dynaforms Volontariat / Données-changement données personnelles.

De Kontakt ass rh@cgdis.lu, Tel: 49771-2122

### 2.1.4 Direction médicale et de la santé

#### 2.1.4.1 Département Santé

##### 2.1.4.1.1 Service Santé au Travail des Pompiers

An dësem Service, dee meeschtens « Médico » genannt gëtt, ginn all d'Jugendpompjeeën ënnersicht. Sief dat fir hiren «Examen initial», wa se Kandidat sinn fir Member am CGDIS ze ginn oder fir den «Examen périodique» wann de Certificat médical d'aptitude ofleeft a muss erneiert ginn. Bei all Examen duerch een Dokter vum STP muss de Jugendpompjee vun engem Elterendeel begleet ginn, dëst ass och de Fall wann an der Regioun e «Site mobile» vum STP organiséiert gëtt.

Fir Rendez-Vous ze froen muss een op den 49771-2411 uruffen.

D'Direction médicale et de la santé ass och zoustänneg fir d'Unfallmeldungen. Wann ee Jugendpompjee sech am Kader vu sengen Aktivitéiten blesséiert huet, sou ass dëst via de Chef CIS per Unfallmeldung vun der « Association d'assurance accident » un dms-sante@cgdis.lu ze mellen. Déi néideg Erklärungen a Formulairen dozou fannt Dir um Dynaforms.

### 2.1.5 Direction des moyens logistiques

Direction des moyens logistiques ass zoustänneg fir sämtlech Kleeder fir d'Jugendpompjeeën unzeschafen, dëst sinn 2-deeleg Uniform, Helmer an och d'Insignen. D'Verdeelung vun de Kleeder leeft awer iwwer de Chef CIS, deen dës mat neien Formulairen déi um Dynaforms disponibel sinn an der jeeweileger Zone bestelle kann. Nodeems de Chef d'unité jeunes pompiers den Bedarf un Kleeder an ënnerschiddlechen Gréissten opgeholl huet, reecht hien dem CIS Chef de «Bon de commande» virun. Den CIS Chef léisst dësen Bon de commande vum Zone Chef validéieren, an d'Commande gëtt am zonalen Stock zesummen gestallt ier se an den CIS ausgeliwwert gëtt.

### 2.1.6 Institut national de formation des secours (INFS)

Den INFS ass zoustänneg fir d'Ausbildung vun de Pompjeeën an also och vun de Jugendpompjeeën.

Laut dem « Règlement intérieur » vum CGDIS an enger Ofmaachung mam JFA ass et esou dat d'Jugendpompjeeën, ënnert dem Lead an der Responsabilitéit vun de Responsabelen vum Encadrement vun de Jugendpompjeeën, Preparatiounen wou den Inhalt equivalent zum FIS 1.1 a FIS 1.2 ass maachen. Duerno kënnen d'Jugendpompjeeën ab dem Areechen vun hirem 15. Liewensjoer un engem FIS 1.3 a FIS 1.4, souwéi och um Cours d'initiation commun (CIC) deelhuelen. Ab dem 16. Liewensjoer kann een dann, ënnert der Konditioun dat een de CIC gemaach huet, och um FIS1 Examen deelhuelen.

Am INFS gëtt am Moment ee «Service de la formation des jeunes-pompiers» opgebaut dee bei der Formatioun vun de Jugendpompjeeën ënnerstëtzt.

Den INFS dréit och am Leveso an wéi eng Jugendpompjeeën d'bronzen Ofzeechen (FIS I.1.) an d'selwer Ofzeechen (FIS I.1 & FIS I.2) gepackt hunn. Dëst geschitt op der Basis vun engem Relevé deen 1x pro Joer duerch de President vum JFA un den INFS eragereecht gëtt.

## 2.2 Centre d'incendie et de secours (CIS)

D'Relatioun tëscht dem « Chef d'unité jeunes-pompiers » an dem Chef CIS ass eng ganz wichteg. Hei soll e reegelméissegen Austausch stattfannen fir iwwer d'Entwécklung a Problematik vun der Jugendsektioun ze schwätzen.

Och soll opgepasst ginn dat eventuell Depart'en an der Equipe vum Encadrement mat Zäiten bemierkt ginn fir hei kënnen fir Ersatz ze suergen. De Chef CIS ass och deen wou am beschten kann aschätzen wien besonnesch gëeegent ass fir bei der Animatioun vun der Jugend eng Hand unzepaken an hei kënnen och d' «Pompiers de support» eng wichteg Roll spillen, well si heefeg eng laang Erfarung an de Rettungsdéngschter hunn an hiert Wëssen sou un déi nächst Generatioun vu Pompjeeën kënnen vermëttelen.

De Chef CIS zesummen mam CUJ sinn och zoustänneg wann d'Unzuel vu Jugendpompjeeën ofhëlt. Hei kann een dann iwwer cibléiert Aktiounen oder iwwer eng Porte Ouverte oder e Schnupperdaag probéieren nei Memberen ze fannen. Natierlech ass hei och d'Amicale gefuerdert fir eng Hand unzepaken.

Och beim Wiessel vum Jugendpompjee bei déi operationell Pompjeeën muss et zu engem Zesummespill vum «Chef d'unité jeunes-pompiers» a Chef CIS kommen.

Weiderhin ass de Chef CIS zoustänneg fir dat Jugendpompjeeën iwwer déi néideg Infrastrukturen verfügen an och déi Gefierer oder dat Material kënnen benotzen wat am Kader vun den Übungen gebraucht gëtt.

# 3 D'Amicale vum CIS

D'Amicale vum CIS spillt eng wichteg Roll an der Jugendaarbecht. Am Artikel 100 vum Gesetz steet datt *« les amicales ont comme objet……d'animer la section de jeunes pompiers »*. Des Weideren kritt all Amicale, déi beim CGDIS gemellt ass, all Joer pro Jugendpompjee ee Subside vun 150€ iwwerwisen, dëst fir d'Aktivéiten déi d'Amicalen am Kader vu der Jugend kënnen ze finanzéieren.

D'Amicale ass deemno zoustänneg fir de Jugendpompjeeën déi Fräizäitaktivitéite ze organiséieren an ze finanzéieren, déi net an enger direkter Relatioun mam CGDIS stinn mä wichteg fir den Equippegeescht an de Spaass sinn, wéi zum Beispill en gemeinsaamt Iessen

oder en flotten Ausfluch. Awer och bei der Organisatioun vu sportlechen Aktivitéiten kann d'Amicale hire Bäitrag leeschten, wéi zum Beispill d'Frais'en fir d'Entrée an d'Schwämm iwwerhuelen.

# 4 Fédération Nationale des Pompiers – « Lëtzebuerger Jugendpompjeeën »

D'Organisatioun vun der Ausbildung fir den Deel FIS 1.1 a FIS 1.2vun de Jugendpompjeeën leeft ënner der Autoritéit an der Responsabilitéit vun de «Lëtzebuerger Jugendpompjeeën».

Emol pro Joer deelen d'Lëtzebuerger Jugendpompjeeën dem INFS mat wéi eng Jugendpompjeeën déi am nächste Joer 15 Joer kréien an hirt bronzen oder gëllen Ofzeechen gepackt hunn.

D'Federatioun an och d'Lëtzebuerger Jugendpompjeeën sinn och zoustänneg fir national an international Concoursen an och fir d'Organisatioun vu Camp'en, Cross- a Schwammmeeschterschaften ze iwwerhuelen.

Am Kader vun de Camp'en ass de JFA och zoustänneg fir de « Congé jeunesse », deen ee 5 Wochen virun der Aktivitéit muss ufroen.

# 5 Ophuelen vun neie Jugendpompjeeën

Kanner kënnen ab dem Alter vu 6 Joer Member vun de Jugendpompjeeën ginn. Dëst awer nëmmen wann den CIS och d'Méiglechkeet huet dës Kanner ze encadréieren.

Verschidden Jugendsektiounen huelen d'Kanner réischt mat 8 oder 10 Joer, dës spezifesch Ënnerscheeder tëscht deenen verschiddenen CIS'en sinn och weiderhin méiglech.

Fir Jugendpompjeeën am CGDIS unzemellen muss een:

- Demande am Dynaforms ausfëllen: *Formulaire d'adhésion d'un volontaire*.
- Dernieft gëtt nach eng vun den Elteren ënnerschriwwen «Déclaration parentale» gebraucht.
- E «certificat médical d'aptitude» vun der Ënnersichung beim STP. Dëse Certificat gëtt automatesch vum Sekretariat vum Médico un Département vun de fräiwëllege Pompjeeën geschéckt.

E Jugendpompjee ass réischt Member am CGDIS wann en duerch de Generaldirekter opgeholl gouf an e krit dat och schrëftlech matgedeelt.

# 6 Formatioun vun de Jugendpompjeeën

Och wann ee scho mat 6 Joer ka Jugendpompjee ginn, sou kënnen d'Kanner a Jugendlech eréischt mat 10 Joer mat hirer Formatioun déi se op den operationellen Déngscht virbereede ufänken.

| Age minimal | Conditions d'accès | Formation | Grade / Galon |
|---|---|---|---|
| 10 ans | Néant | Niveau FIS I.1 | Bronze |
| 12 ans | Néant | Premiers secours | |
| 13 ans | Niveau FIS I.1 | Niveau FIS I.2 | Argent |
| 15 ans | Argent | CIC I & CIC II* <br> FIS I.3 & FIS I.4* | |
| 16 ans | Argent & CIC I & CIC II <br> FIS I.3 & I.4 | FIS I Examen | Or |

*A partir de l'âge de 15 ans, le jeune-pompier peut accéder aux formations CIC et FIS. Il est libre de choisir selon quel ordre il souhaite participer aux formations. L'ordre CIC I puis CIC II et FIS I.3 et FIS I.4 doit tout de même être respecté.

# 7 Wiessel bei déi operationell Pompjeeën

Ee wichtege Moment an der Carrière vum fräiwëllege Pompjee ass de Wiessel bei déi operationell Pompjeeën. Ab dem Alter vu 15 Joer kann dëse Wiessel virbereet ginn. Hei soll et zu engem Gespréich tëscht dem Chef CIS, dem Chef d'unité jeunes-pompiers, dem Jugendpompjee a sengen Elteren kommen fir dat fir jiddereen kloer ass ëm wat et hei geet.

Falls de Jugendpompjee sech nach net prett fillt fir direkt ze wiesselen, respektiv de Chef d'Unité, de Chef CIS oder d'Elteren där Meenung sinn, sou kann de Jugendpompjee och zu engem spéideren Zäitpunkt wiesselen.

Spéitstens mam Erreechen vum 18. Liewensjoer ass awer Schluss an et kann een net méi am Statut vum Jugendpompjee bleiwen. Wann ee bis dohinner net gewiesselt ass an net wëll operationelle Pompjee ginn, kann een entweder eng Missioun als «Pompier de support» iwwerhuelen. Wann net kann ee leider net Member vum CGDIS bleiwen.

## 7.1 Demarchen fir de Wiessel

Fir de Wiessel brauch de Jugendpompjee folgend Dokumenter:

- De Formulaire Statut – changement du jeune pompier vers pompier volontaire stagiaire
- Sportstest
- Certificat médical d'aptitude : ab dem Alter vu 15 Joer an 9 Méint kann een sech ee Rendez-Vous fir d'Ënnersichung froen. Hei muss een sech dann och entscheeden ob ee wëll fir d'Catégorie A (Incendie-Sauvetage) oder fir d'Catégorie B (secours à personne) wëll ënnersicht ginn. Mat sengem gültegen CMA fir Jugendpompjeeën (Médico J) kann de Jugendpompjee  awer ab dem Areechen vum 15. Liewensjoer schonn um maintien

des aquis am CIS deelhuelen an och déi verschidden Formatiounen (CIC, FIS1) maachen.

De Sportstest gëtt reegelméisseg a verschiddenen Sportshalen am Land ugebueden. Infoen fannt Dir op : https://112.public.lu/fr/volontariat/Volontariat/testsportvolontaires.html

# 8 Den Encadrement vun de Jugendpompjeeën

Beim Encadrement vun de Jugendpompjeeën um Niveau vum CIS ginn et 3 verschidde Catégorien :

- Moniteur-Assistant des jeunes pompiers, Formatioun JP1, 32 Unterrichtseenheeten
- Moniteur-adjoint jeunes-pompiers, Formatioun JP1 a JP2, 16 Unterrichtseenheeten
- Chef d'unité-Moniteur jeunes-pompiers, Formatioun JP1, JP2 a JP3, 16 Unterrichtseenheeten

Jiddereen dee wëll ee vun dëse Posten bekleeden muss fir an d'Formatioun JP zougelooss ze ginn mindestens Equipier SAP oder INCSA sinn.

An enger Iwwergangsphase ginn d'Leit déi aktuell déi verschidden Aufgaben am Encadrement vun de Jugendpompjeeën folgendermoossen iwwerholl:

| Ancien régime | Nomination emploi CGDIS |
|---|---|
| Jugendleiter | Chef d'unité – Moniteur jeunes-pompiers |
| Jugendleiter adjunkt | Moniteur-adjoint jeunes-pompiers |
| Helfer in der Jugendfeuerwehr | Assistant jeunes-pompiers |

Déi Leit déi net iwwer déi néideg Formatioun verfügen gi «faisant fonction» nominéiert a mussen hir feelend Formatiounen bis den **31. Juli 2023** nohuelen.

Fir dat de Verwaltungsrot dës Nominatiounen ka virhuelen soll de Chef CIS d'Kandidaten fir déi eenzel Posten un de jeeweilegen Chef de Zone mellen, dëst ëmmer begleet vun engem Extrait 5 vum casier judiciaire.

Fir d'Aarbecht an der Unité jeunes-pompiers ze valoriséieren kréien hunn déi eenzel Leit Urecht op eng kleng Indemnitéit:

| Unité jeunes pompiers | | | |
|---|---|---|---|
| Jeunes pompiers du CIS | Forfait chef d'unité par mois | Forfait chef d'unité par année | Enveloppe pour assistants par année |
| < 10 | 20,00 € | 240,00 € | 750,00 € |
| ≥ 10 | 40,00 € | 480,00 € | 1 250,00 € |
| ≥ 25 | 60,00 € | 720,00 € | 2 000,00 € |

# 9 Fiches REA an Nominatiounen

De Référentiel emploi et activités (REA) leet fest wéi eng Konditiounen een am CGDIS muss erfëllen fir eng spezifesch Missioun kënnen auszeféieren. Och fir déi eenzel Funktiounen beim Encadrement vun de Jugendpompjeeën gëtt et dës Dispositiounen vir eng Nominatioun op ee vun deenen 3 Posten brauch een och en Extrait aus dem Casier judiciaire an zwar de bulletin Nummer 5.

## 9.1 Chef d'unité – moniteur des jeunes-pompiers

| | |
|---|---|
| **Emploi** | Chef d'unité - Moniteur des jeunes pompiers |
| **Mission** | Garantir un bon encadrement des jeunes pompiers ainsi qu'une bonne préparation à leurs futures missions dans les services de secours.<br>Assister le chef de CIS dans l'organisation de l'encadrement de la section des jeunes pompiers. |

| **Hiérarchie** | |
|---|---|
| **Niveau supérieur (N+1)** | Chef de CIS |
| **Niveau inférieur (N-1)** | Moniteur-Assistant jeunes pompiers |

| **Conditions d'accès** | |
|---|---|
| **Réglementaire** | Aptitude médicale catégorie A pour l'équipier INCSA<br>Aptitude médicale catégorie B pour l'équipier SAP<br>Age minimal 21 ans<br>2 ans d'expérience dans l'emploi d'équipier INCSA ou SAP |
| **Autres emplois dont les compétences sont nécessaires** | Equipier INCSA ou<br>Equipier SAP |
| **Autres emplois dont la compréhension est nécessaire** | Chef de CIS |
| **Autres conditions d'accès souhaitables** | Permis conduire B |

| **Conditions d'exercice** | |
|---|---|
| **Réglementaire** | Aptitude médicale catégorie A pour l'équipier INCSA<br>Aptitude médicale catégorie B pour l'équipier SAP<br>Nomination à l'emploi par le Conseil d'administration<br>Participation à au moins 50% des activités annuelles proposées dans le CIS dans l'encadrement des jeunes pompiers |
| **Formations requises** | Formation équipier SAP ou INCSA<br>JP 1<br>JP 2<br>JP 3<br>Brevet Animateur B ou équivalent |

| | |
|---|---|
| **Formation(s) continue(s)** | Formation continue « First Responder » annuelle de 8 heures<br>4 heures de formation continue INCSA annuelle<br>Maintien des acquis au niveau du CIS<br>Formation continue de 8 heures tous les deux ans |

| **Activités exercées** | |
|---|---|
| **Activités principales** | Accompagner/Assister le moniteur-assistant dans ses tâches.<br>Organiser l'encadrement des jeunes pompiers.<br>Organiser et garantir la préparation des jeunes pompiers à leurs missions futures.<br>Instruire les jeunes pompiers dans les matières des Cours FIS I.1 et FIS I.2. ainsi que le volet premiers secours |
| **Activités complémentaires** | Instruire des cours de premiers secours |

## 9.2 Moniteur-adjoint des jeunes-pompiers

| | |
|---|---|
| **Emploi** | Moniteur-adjoint des jeunes pompiers |
| **Mission** | Assurer l'encadrement des jeunes pompiers du CIS en autonomie.<br>Assister le chef d'unité dans ses tâches afin de garantir un bon encadrement des jeunes pompiers ainsi qu'une bonne préparation à leurs futur missions dans les services de secours. |

| **Hiérarchie** | |
|---|---|
| **Niveau supérieur (N+1)** | Chef d'unité jeunes pompiers |
| **Niveau inférieur (N-1)** | Moniteur-Assistant jeunes pompiers |

| **Conditions d'accès** | |
|---|---|
| **Réglementaire** | Aptitude médicale catégorie A pour l'équipier INCSA<br>Aptitude médicale catégorie B pour l'équipier SAP<br>Age minimal 18 ans<br>Emploi d'équipier INCSA ou emploi d'équipier SAP |
| **Autres emplois dont les compétences sont nécessaires** | Equipier INCSA ou<br>Equipier SAP |
| **Autres emplois dont la compréhension est nécessaire** | Chef d'unité des jeunes pompiers |
| **Autres conditions d'accès souhaitables** | Permis de conduire B |

| **Conditions d'exercice** | |
|---|---|
| **Réglementaire** | Aptitude médicale catégorie A pour l'équipier INCSA<br>Aptitude médicale catégorie B pour l'équipier SAP<br>Nomination à l'emploi par le Conseil d'administration<br>Participation à au moins 25% des activités annuelles proposées dans le CIS dans l'encadrement des jeunes pompiers |
| **Formations requises** | Formation équipier SAP ou INCSA<br>JP 1<br>JP 2<br>Brevet Animateur B ou équivalent |
| **Formation(s) continue(s)** | Formation continue « First Responder » annuelle de 8 heures |

| | |
|---|---|
| | Pour équipiers INCSA : 4 heures de formation continue INCSA annuelle<br>Maintien des acquis au niveau du CIS<br>Formation continue annuelle de 2 heures |

| Activités exercées | |
|---|---|
| **Activités principales** | Garantir l'encadrement des jeunes pompiers en autonomie<br>Assister le chef d'unité des jeunes pompiers dans ses tâches |
| **Activités complémentaires** | |

## 9.3 Moniteur-Assistant des jeunes pompiers

| | |
|---|---|
| **Emploi** | Moniteur-Assistant des jeunes pompiers |
| **Mission** | Aider à l'encadrement des jeunes pompiers du CIS en présence d'un moniteur-adjoint ou du chef d'unité des jeunes pompiers.<br>Assister le moniteur-adjoint et/ou le chef d'unité dans ses tâches afin de garantir un bon encadrement des jeunes pompiers ainsi qu'une bonne préparation à leurs futures missions dans les services de secours. |

| Hiérarchie | |
|---|---|
| **Niveau supérieur (N+1)** | Moniteur-adjoint des jeunes pompiers |
| **Niveau inférieur (N-1)** | Néant |

| Conditions d'accès | |
|---|---|
| **Réglementaire** | Aptitude médicale catégorie S<br>Age minimal 16 ans |
| **Autres emplois dont les compétences sont nécessaires** | |
| **Autres emplois dont la compréhension est nécessaire** | Moniteur-adjoint des jeunes pompiers |
| **Autres conditions d'accès souhaitables** | Néant |

| Conditions d'exercice | |
|---|---|
| **Réglementaire** | Aptitude médicale catégorie S<br>Nomination à l'emploi par le Conseil d'administration<br>Participation à au moins 25% des activités annuelles proposées dans le CIS dans l'encadrement des jeunes pompiers |
| **Formations requises** | CIC<br>FIS I ou SAP I<br>JP 1<br>Formation conseillée: Brevet Animateur A ou équivalent |
| **Formation(s) continue(s)** | Maintien des acquis au niveau du CIS<br>Formation continue annuelle de 2 heures |

| Activités exercées | |
|---|---|
| **Activités principales** | Assister le moniteur-adjoint des jeunes pompiers et le chef d'unité dans ses tâches. |

# 10 Inclusioun

D'Jugendpompjeeën vum CGDIS sinn och oppen fir Kanner a Jugendlecher mat enger Behënnerung. Et muss natierlech séchergestallt sinn, dat déi jeeweileg Jugendsektioun och d'Méiglechkeet huet dëse Jugendpompjee mat sengen spezifeschen Bedürfnisser kënnen ze betreien. Wichteg ass och hei e Gespréich tëscht den Elteren an dem CUJ fir dat jiddereen ka Froen stellen a wëssen wat méiglech ass a wat net.

Wann dës Behënnerung een Engagement als operationelle Pompjee ausschléisst dann muss dat vun Ufank och sou oppen kommunizéiert ginn. Natierlech soll awer och schon zu dësem Zäitpunkt gekuckt ginn, ob villäicht hannenno eng Aufgab als «pompier de support» kann eng Méiglechkeet sinn, den Engagement am CGDIS weiderzeféieren.

Bei weidere Froen hält sech den Département des pompiers volontaires fir Är Froen zu Ärer Verfügung.